



OPPE, SOZIAL
A RESPONSABEL

OPBROCH AN ERNEIERUNG

D'CSV huet fir déi zweete Kéier hannertenee bei de Chamberwahlen hir Ziler net erreecht. Och wa mir 2009 bedéngt duerch de spezifeschen Kontext vun deemols en historiescht Resultat erreecht hunn, hu mir zënterhir an zwou Walen am Ganzen 10% vun de Stëmme, an domat och 5 Sätz an der Chamber, verluer. Trotz allem ass a bleift d'CSV am Verglach zu deenen anere Parteien och weiderhi mat 21 Deputéiert mat Ofstand déi stäerkste Partei. Vill Bierger hu grousst Vertrauen an eis Politik, an awer gétt et keen Automatismus als gréisste Partei an enger Regierung bedeelegt ze sinn. Mir müssen also elo aus eise Feeler léieren an déi néideg Schlëss zéien.

RÉCKBLÉCK

- 2017 hu mir bei de Gemengewale landeswäit gutt Resultater erreecht. Eis Strategie vun 2017 ass awer net mat der néideger Energie weidergefuert ginn. Bei de Gemengewale goufe vill nei Gesichter zesumme mat erfuerene Gesichter queesch duerch d'Land opgestallt. Besonnesch an der Stad Lëtzebuerg an zu Esch huet d'CSV zu engem exzellente Walausgang gefuert. Et gouf leider verpasst op déi Wäertschätzung an déi Dynamik vun 2017 opzebauen.
- D'Walcampagne war e Resultat vun enger Oppositounszeit, déi vun enger allgemenger Erwaardungshaltung gepräagt war no 5 Joer erëm zréck an d'Regierung ze kommen. Dës Erwaardung gouf duerch Sondagen an déi öffentlech Meenung gestärkt.
- Beim Ausschaffe vun den Inhalter an bei hirer Kommunikatioun ass et eis net gelongen, eis Positionen an Iddie kloer no baussen ze verrieden an domat genuch Bierger vun eiser Politik ze iwwerzeegen. Doduerch hu mir eng Walcampagne gefuert déi a verschiddene Punkten net op der Héicht vun eisen Ambitioune war.
- Mir hunn op wichtege Sujete wéi der Ëmweltpolitik, der Digitalisatioun an der Familljepolitik net genuch iwwerzeegend Äntwerten op d'Froer souwéi op d'Erwardunge vun de Bierger geliwwert. Mä et gouf inhaltlech awer och ganz positiv Punkten: Mir hunn zu präzisen Theme wichteg Iddien an Impulser gesat. Dës sinn zum Beispill d'Noutwendegkeet vun enger Territorialreform, méi bezuelbare Wunnraum an eng laangfristeg Ofsécherung vun eisem Sozial-System. Dës sinn alles wichteg Reformen déi eist Land brauch an déi d'CSV während dem Walkampf transparent ugeschwat huet.
- Trotzdem hu mir et fir déi zweete Kéier hannerteneen net fäerdeg bruecht, e Partner ze fanne fir zesummen d'Zukunft vun onsem Land matzestalten. Aus diverse Grënn sinn déi méiglech Koalitiounspartner net gewëllt, dës wichteg Aarbecht mat enger CSV unzegoen. An Zukunft gëllt also: (i) Mir kënnen definitiv kee Walkampf méi féieren aus der Position vun enger Regierungsbedeelegung oder der Partei vum Premier an (ii) Mir müssen de Bierger, an automatesch domatter och méigleche Koalitiounspartner beweisen, dass eng CSV modern an zukunftsfaeg Iddien huet an et sech lount fir mat eis zesummen un der Zukunft vum Land ze schaffen.

- Datt de Wonsch no Erneuerung bei de Wieler, mee och bei deenen anere Parteien do ass, gëtt duerch déi vill gutt Resultater vun de jonken a neie Gesiichter bei de Gemengewalen 2017 wéi och 2018 bei de Chamberwale bestätegt. Mir mussen de Wee zréckfanne bei d'Opbrochstëmmung vun de Gemengewalen 2017.

ZUKUNFTSPERSPEKTIVEN

2014, no de Walen, huet d'CSV mam Erneuerungsprozess ugefaangen. Dësen huet bei de Gemengewalen 2017 op iwwerzeegendend Aart a Weis seng Friichte gedroen. Mat der richteger Mëschung aus neien an erfuerene Gesiichter ass et eis gelongen, datt d'CSV haut op ville Plazen an der Verantwortung ass. Et gëllt elo dës Verantwortung ze notze fir eis Iddien um lokalen Niveau ëmzesetzen an och weiderzuentwéckelen. Nëmme esou erreeche mir eng Wäertschätzung vun eiser Politik, déi no um Bierger ass.

Mir stinn zu eise Wäerter

Mir stinn zu eise Wäerter. Den C an den S vu chrëschtlech-sozial sinn haut an engem Kontext vu Manktum u Solidaritéit, vu Populismus oder wuessendem Rassismus, esou modern a wichteg wéi jee. D'Dignitéit vum eenzelen ass de Kär vun eiser Politik. Et sinn dës Valeuren, déi eis eng Orientéierung an eiser Politik ginn.

- Mir mussen eng Strategie ausschaffe fir eng besser Kommunikatioun no baussen an no bannen, woubäi et méi kloer muss si fir wat eng CSV am 21. Joerhonnert steet, wéieng Politik eis wichteg ass. No bausse muss kloer si fir wat eng CSV steet, wéieng Politik fir eis wichteg ass a wou mir eis Akzenter setzen. No bannen muss mir e méi groussen Effort maachen, reegelméisseg an iwwersiichtlech iwwert eis Aarbecht an eis Iddien ze informéieren. Heibäi soll op Hëllef vun ausserhalb zréckgegraff ginn. Och däerfe mir net vergiessen datt Wäerter intern gelieft mussen ginn, wa mir wëlle glafwierdeg sinn.

CSV Nowuessförderprogramm

Dee Charakter soll sech awer och an der CSV bei de Mandatsträger erëmispigelen. Jonk an nei Gesiichter si souwuel bei de Gemengewalen 2017 wéi och bei de Chamberwale ganz gutt gewielt ginn. Doduerch gëtt et an der Partei gutt a kompetent Leit, déi d'Potential hunn an d'Chamber oder an déi jeeweileg Gemengeréit nozeréckelen. Als CSJ soe mir ganz kloer datt et elo gëllt déi Leit op laang Siicht iwwert déi nächst Joer opzebauen, datt si sech Kompetenzen an den Dossieren uneegnen. Et geet net duer eréischt 6 Méint virun de Walen engem Neien d'Chance ze ginn, sech ze beweisen, eng Erkenntnis déi sech bei alle Parteien an de Walresultater erëmispigelt. Virun allem an der Oppositionszäit ass et elementär wichteg déi Chance gebueden ze kréien.

- D'CSV huet mam Nowuessförderprogramm e flotten an attraktive Programm fir d'Nowuesspolitiker an d'Liewe geruff. Mir fuerderen, datt dëse Programm weiderhi konsequent ausgebaut gëtt an dëst och iwwert den CSJ Alter eraus.
- Mir bedauern awer, datt den ugeduechte Mentorship tëscht erfuerene an neie Politiker net deen Effet hat, wéi een sech dat kéint erhoffen. Dofir fuerdert CSJ den Mentorship Programm

nei operliewen ze loosen. Et gëllt elo kloer Ziler ze definéieren a fir e richtege Suivi iwwert dëse Förderprogramm eraus ze suergen.

Oppositionspolitik

Fir ons als CSJ ass et wichteg datt mir respektvoll Relatioune mat deenen anere Parteien hunn. Dat schléisst awer net aus, datt mir gläichzäiteg eng veritabel Oppositionspolitik maachen. Eng Oppositionszäit, déi genotzt muss gi fir kloer ze maachen, fir wat mir als Partei stinn awer och kloer fir wat mir als Partei NET stinn. Et geet net drëms just ze kritiséiere mee och konkret Proposé virzeweisen, wéi mir eenzel Sujete géifen ugoen. Dëst ass d'demokratesche Roll vun enger Opposition. An dee kann een nëmmen spillen, wann haart an éierlech Aarbecht dohannert steet.

Fir elo déi nächst 5 Joer effektiv ze gestalten, ass et wichteg, datt sech souwuel d'CSV wéi och d'CSJ zu folgende Punkte Gedanke maachen.

- Mir fuerderen d'CSV op, eng komplett Analys vun de Walen duerchzeféieren, fir esou kënnen déi néideg Schlëss ze zéien.
- Mir brauchen eng Reorganisatioun vun der Fraktiounsaarbecht. Eis Deputéiert musse richteg Experten op de groussen Dossiere ginn. Et gëllt hei d'Chance ze notzen an sech déi eenzel Domainen effektiv opzedeelen - nëmme wa mer d'Detailer vun den Dossiere gutt kennen, kënne mir och eng effektiv Oppositionsaarbecht leeschten.
- D'Deputéiert sollen zu hirer jeeweileger Expertis en Aarbechtsgrupp an d'Liewen ruffen. Dëse soll transparent gestallt an accessibel fir all Member sinn. Duerch d'Aféiere vun enger richteg professioneller Aarbechtsmethod an zesummen mat eise Memberen, déi all Schicht an Domain aus eiser Gesellschaft vertrieden, kënne mir esou relevant Iddien entwéckelen an no bausse droen. Dëst soll erëm Loscht un der Politik maachen an erméiglecht eng Politik, déi méi no un eise Bierger ass.
- D'CSV brauch och eng nei Modernitéit bei de jonke Wieler. Theme wéi Ëmweltschutz, Digitaliséierung a Familljepolitik mussen anescht geduecht a vermëttelt ginn. Awer och bei Theme wéi Zesammenhalt an der Gesellschaft oder Kultur si vill Gestaltungsméiglechkeeten, déi et ze notze gëllt. Hei muss och d'CSJ Ustrengunge maache fir méi Jonker ze rekrutéieren, am Bewosstsënn, datt dëst just méiglech ass, wann d'Partei allgemeng nees méi attraktiv fir Jonker gëtt.
- Fir an der Zukunft eisen Iddien a Proposen déi néideg Visibilitéit ze ginn, musse richteg thematesch Campagnë während de 5 Joer Oppositionszäit gefouert ginn, déi all Alterskategorie uschwätzen an iwwerzeegen.
- Et soll en Aktiounsplang ausgeschafft gi mat konkrete Schrëtt, fir eis déi nächst Jore méi breet opzestellen an nei an divers Gesichter ze féieren. Eis Spëtzepersonalien mussen no beim Bierger sinn, fir hir Iddien ze héieren, wéi och hir Suergen ze verstoen. Nëmme esou kann och garantéiert ginn, dass d'Bierger sech mat eis identifizéiere kënnen.

Parteistrukturen a Parteispëtzt

Et gëllt elo dësen Erneierungsprozess energiesch weiderzeféieren. De Profil vun der Partei muss gestäerkt an ugepasst ginn. Nëmme esou kënne mir méi kloer a méi bestëmmt no baussen optrieden. An awer geet et net duer just eise "Message" ze verbesseren. Mir brauche Leit an der Partei, déi dësse Message kloer, erkennbar a konsequent verkierperen.

Aus deem Grond musse sech eis Parteistrukturen souwéi d'Parteispëtzt nei opstellen. Der Parteispëtzt fällt do eng besonnesch Roll zou. Si ass d'Gesicht vun der CSV. Si vertritt zesumme mat deenen anere Mandatairen eis Politik. Mir brauchen dowéinst eng Parteispëtzt déi fir eng Opbrochstëmmung steet an determinéiert ass d'Land matzegestalten. Et ass och eng Fro vum politesche Stil. D'Aart a Weis, wéi mir Politik maachen, muss vun der neier Parteispëtzt verkierpert a gelieft ginn. Dobäi ass en Zesummespill vun erfuerene an neie Leit essentiell fir ons.

Der CSJ läit dobäi um Häerz, datt et hei net drëms geet, déi Jonk géint déi Al auszespillen. Dat ass kontraproduktiv an dorun si mir net interesséiert. Et geet dorëms eng Equipe opzebauen, mat verschiddene Profiller a Spezialisierungen, déi et fäerdeg bréngen, Themen ze besetzen an déi Kompetenz no bausse weisen, déi mir ze bidden hunn. Nëmme wann dat Zesummespill tëschent enger ganzer Equipe klappt – zwësche jonk an al, nei an erfueren, kënne mir eis besser a méi breet opstellen.

D'CSV ass eng Vollekspartei an huet och den Usproch eng Vollekspartei ze bleiwen. Do derbäi ass et wichtig e gudde Lien mat de besteeënde Basen ze halen a gläichzäiteg nei Wielergruppen unzeschwätzen.

- Nieft enger Neiopstellung vu eise Parteistrukturen, fuerdert d'CSJ och dass de Prozess vun de Spëtzekandidate reforméiert gëtt. Als CSJ gesi mir et fir wichtig iwwert de Selektionsprozess nozedenken an awer och op de Wee vu paritéteschen Duebelspëtzten an de Bezierker ze goen. Duebelspëtzte géifen et erlaben, der Partei während der Walcampagne eng méi breet Visibilitéit ze ginn.

D'Stëmm vun der Jugend

Als CSJ hu mir den Usproch eng staark Stëmm vun der an eisem Land liewender Jugend ze sinn. Fir der Jugend eng Stëmm ze ginn, musse mir, genee esou wéi mir et vun der CSV erwaarden, och eis Positionen, eis Aktiounen, eis Roll an eise Stellwäert an der Partei ewéi och an der Jugendlandschaft kontinuierlech hannerfroen. Selbstkritesch wëlle mir all dës Aspekter vun der CSJ analyséieren.

Heizou gehéiert, datt mir nach méi ewéi bis elo op déi Jonk an eisem Land duergoe wëllen, fir mat hinnen iwwer Politik ze schwätzen an ze diskutéieren, fir esou eise Profil als Jugendpartei ze stäerken.

CHRËSCHTLECH-SOZIAL VOLLEKSPARTEI - ENG PARTEI FIR A MAT ZUKUNFT

D'Kohärenz vun all dëse Punkte muss prioritär sinn. Nëmme wann d'CSV als Ganzt den ugefaangenen Erneierungsprozess konsequent weiderfiert, kënne mir erëm op eng Regierungsbedeelegung hischaffen. D'Zesummespill vu jonk an al, nei an erfueren, bilden dobäi d'Base vun eiser Partei. Mir wëllen eng Equipe opbauen mat verschiddene Profiller a Spezialiséierungen. Nëmme esou kënne mir et fäerdeg bréngen wichteg Themen effizient ze besetzen an d'Kompetenz vun eise Mandatairen no baussen ze weisen. De Message an d'Personalien sinn zwou Säite vun der selwechter Medail vum Erneierungsprozess. D'Wieler musse kloer wëssen, wee fir d'CSV steet a firwat d'CSV als Partei steet. Nëmme esou kënne mir sécherstellen, weiderhin eng wichteg a relevant Roll an der Lëtzebuerger Politik ze spillen an déi grouss Erausforderungen vun eiser Gesellschaft an eiser Zäit unzegoen.

Ugeholl um CSJ-Nationalkongress 2018 zu Dummeldeng